

WANDROUS

N° 352 Allerhellegemount / Chrëchtmount 2014 / Haartmount 2015

Novembre / Decembre / Janvier



Kënnt **5 mol pro Joër** eraus
Abonnement **25.00 Euro**
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
Chefredakteren: **Marc Jentges & Patrick Jénin**
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
Tel: **49 50 51**
<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*


Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroune op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgēsais?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen den virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouter weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

? VIRWAAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhin am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméisseg Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënn gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstéiz och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ennen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech frëen mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseg Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Souche Kleeschen

fir de ganze Grupp

HO - HO - HO (an esou wéider)

Si schon ganz ongedëlleg vir op Bouneweg an den Dall bei meng allerléifst blo Léiwen ze goën an mat hinnen méin Féierdag ze feieren. Dëst Joër feieren mir alleguerten den **5. Dezember 2014** am Home vun den Lions Bleus. Wéi ëmmer bréngen ech Iech dann gliddegen Schocki an rieseg knusperech Kuchenmännercher mat.

Also ech sin dann Freidesowes, den **5. Dezember Punkt 18:00 Auer** am Home bei den Lions Bleus. Ech muss nach an mëngem groussen Buch chekken op ech den Housécker brauch, well den bréngt dann dèi néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joër OK waren, da kann den aalen Granz-saack doheem bleiwen. Och wann mer dëst Joër 1 Dag mèi frèi feieren, sou hun ech awer nach ganz vill Arbecht um Bockel. Dofir bieten ech Dëch dass du och wierklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an dat an denger tiptoper Wanteruniform.

Gehei dofir dèng **Souche** bis den **29. September** an mëng **Bréifkëcht** (nët an d'Wandrouskëcht, mee direkt doniewt) well soss verzweiflen mëng Engelcher erëm wann së bis den leschten Moment nët wëssen wëivill Thermoskaanen mat Schoki an wëivill Boxemännercher së mer sollen paaken.



Léiwen Kléschen, gudden Kléschen
hei ass dem

(also mëng Souche) schon. Ech hun och ganz fläisseg deng Liddercher geübt, an mëngen Elteren gesoot dat et wichteg wier den **5. Dezember 2014 an tip-topper Wanteruniforme**, um Punkt **18:00 Auer** am Home ze sinn wëlls du en gestressten Kleeschen wiers.

Si kommen mëch esou géint
21:00 Auer beim Home ofhuelen.



Ënnerschrëft vun den Elteren / Housécker

Olympesch Beaver

D'griechesch Mythen an d'Soen sinn spannend an legendär. Geschichten vun Götter an Göttinnen dei's du nach nie vierdrun heiren hues erwarden dech. Oder hues du schon vum Zeus oder Poseidon heiren? Wann net gett et heich Zait dass du eppes vun hinnen an och vun hieren Bridder an Schwestern gewuer gess. Doweinst komm mat op eisen göttlechen Chrëschtweekend den's du sou seier net mei vergiessen wärts!

Weini: den 20.12-21.12 2014

Wou beim Home vun den Lions Bleus

Rendez-vous den 20.12 um 14:00h beim Home

Retour: den 21.12 um 16:00h Beim Home

Praiss: 20 Euro déi bis speitstens den 15.12 op den Konto

CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000 ze iwwerweisen sinn

Souche: ass bis den 13.12 bei dengen Cheffen oofzeginn

Wat brauchst du: Schloofsaack, Täschenluucht, Bidon, dem Wieder ugepassten Kleeder, Biergschong, Zännbliicht, Gamelle, Couverts, Ennerwesch, Pijama, Kichendicher

Elsa, Foxi, Jolly, TicTac, Grigri



Heimat erlaaben ech mengem Beaver
..... vum 20.-21 Dezember 2014 um Kreschtweekend
deelzehuelen

.....
Ënnerschrëft



Krëschtcamp Wëllef

Urzeitcamp LX

Hues du loscht op en flotten Camp an der Zeit vun den Dinoen an Urmenschen? Da komm mat eis fir eng ganz nei Welt z 'entdecken. Zesummen kucken mir eis Geheimnisser vun den Dinosaurier an liewe mat den Urmenschen. Melld dech seier un.

RDV: 20.12.2014 um 14.00 zu Stroossen bei den Kiewerlecken

Schluss: 23.12.2014 um 15.30 zu Stroossen bei den Kiewerlecken

Material: Carrymat, Schlofsack, deck Schong, Wanterjacket, Gamelle, Couverts, Kichenduch, Bidon, dem Wellefchen seng 5 Sachen, Schwammsachen, Bueddich, Seef, Zennbiicht, Läppchen, Duch, Ennerwesch, dem Wieder ugepassten Kleedung, Täscheluucht, Pijama

Preis: 50€ ze iwerweisen bis den 10.12. op den

CCP LU64 1111 2581 2205 0000 mat der Mentioun Kc2014 an Numm vum Kand



Kaa, Bagheera, Tchill, Putmini, Fennec



Heimat erlaben ech mengem Wellefchen

dem mat op den Krëschtcamp vum 20.12.2014 bis den 23.12.2014 zu Stroossen matzegoen.

Ennerschreft Ech hun iwerweisen Jo! / Nee?

Krëschtcamp Scouten

Souche Scouten



Scouten v/s Wanter

Psst... Scouten lauschtert mol... Ech brauch är Hëllef!
Ech hunn e ganz grouse Problem an et fällt mer soss keen an deen dee léise kéint.
Dir musst mer hëllef, soss geet d'Welt nach am éiwegen Wanter ënner.
Treffst mech an der Chrëschtvakanz, dann zielen ech iech méi...
Ech zielen op iech!!

P.S.: Wann ee freet... Dir hutt nach ni vun mir héieren!

Dr. S. Schong

Rendez-vous: Samschdes den 20. Dezember um 8h45 op der Gare de Luxembourg

Retour: Méindes den 22. Dezember um 16h00 zu Suessem
(18, rue du château, Sanem)

Präiss: 35 € sin ze iwwerweisen bis spéitstens den 15. Dezember op de
Compte : Les Lions Bleus- Troupe (CCPL IBAN Lu64 1111 2581
2205 0000) mat der Mentioun Kreschtcamp+Numm vum Participant.

Material: Schloofsaack; Carrymatt; Gamelle; 2 Kichendicher; Täscheluucht;
Biergschong; Wäschaachen; Pijama; Täschemesser; dem Wieder
ugepasste Kleeder; Jumbo-kaart / Kuerzzäitbillet; Pic-Nic fir Mëttes.

Souche: D'Souche ass bis den **13.12.2014** oofzeginn bei engem vun dengem
Cheffen. Soss gitt der äiskaal do stoen gelooss :)

Heimat erlaaben ech _____ mengem Scout dem



_____ um kaale Chrëschtcamp vum 20. bis den 22.
Dezember 2014 matzezidderen

Ënnerschrëft _____ Lenks patt
Atra & Tamia & Soa & Neckel & Sam & Ciaran

Souche Krëschtcamp Souche Explorer

MIR SCHREIWEN D'JOËR 2024, AN EISER WELT
WEI MIR SE SOSS KANNT HUN, ASS EEN VIRUS
AUSGEBRACH, DEEN BAAL DIE GANZ
BEVÖLKERUNG AUSGELÖSCHT HUET. DEN VIRUS
BRENGT D'LEIT AWER NET NEMMEN EM, MEE
VERWANDELT HIERT GEHIER AN EN SCHWAMP.
ALLERDENG BRENGT DEN VIRUS AWER OCH
GEFOREN FIR DEI NETERKRANKTEN MATSECH.
DOWEINST WELL ECH DEN MAJOR ERIC EEN
OPRUFF STARTEN FIR DEI VERBLEIWEND
NETERKRANKTEN PERSOUNEN AN MEIN CAMP ZE
BRENGEN DEEN SECHER ASS AN WOU KENGEM
EPPES GESCHITT. ALLERDENG SIN EIS VORRÄTE
LIMITEIERT ALSO SECHER DIR ENG PLATZ FIR
D'REES AN MEIN CAMP. WEIDER DETAILER FENNS
DE ENNEN AN DESER NORICHT:



WÉINI: Den 20. Dezember 2014 um 8:00 mat tiptop Uniform firun der
Gare Centrale de
Luxembourg

SCHLUSS: Den 22. Dezember 2014 um 16:00 zu Dummeldeng op der
Gare.

PRÄISS: 35 Euro ze iwwerweisen bis den 15. Dezember 2014 op den
Compte CCPL
LU49 1111 2324 7361 0000 Les lions Bleus a.s.b.l.-Explorer
mat der Mentioun
KC2014+Numm



=



+



Heimatt erlaben ech _____ folgendem Explorer
_____ un fir den Krëschtcamp vum 20. bis den
22. Dezember 2014.

Ennerschreft: _____

FNEL EX-Sportsdag: fir d'Explorer



**Léif Explorer, léif Exploretten,
Paakt är Sportstäsch an a vive op Mamer!**

Virwaat ?

No engem Joër steet den **Explorer Sportsdag** wou déi verschiddenen Unitéiten aus dem ganzen Land hiren Teamgeescht an hier Kämpfernatur kënnen ënner Beweis stellen, erëm virun der Dier !

Wéini ?

Sonndes den 11. Januar 2015
vun 09h30 – 17h00

Wou ?

Zu Mamer an der
Hall Omnisports
"Kinneksbond". Ären

Präiss ?

5 € ginn direkt op der
Platz bezuelt

Iessen an Drénken ass am Präis dran. **Net bezuelt = keen Iessen !!**



Umeldungen:

Mellt ärt Team (min. 5 & max. 8 Explorer) bis den 27/12/14 iwwert explorer@fnel.lu un, an iwwerleet Ierch och e flotten Numm fir ärt Team.

Waat muss dë matbréngen ?

Sportstenuue – Turnschoong, Sportsbox an **Team T-Shirt** & Duschsaachen

Wéi eng Sportarten si vertrueden ?

Fir dat et interessant gët, kënn dir eis Proposen vun Sportarten eranschëcken. Daat kënnen roueg exotëschen an méi onbekannten Sportarten/Spiller sinn. Mir sichen dann aus allen Proposen déi Beschten, interessant an meescht gewielten Sportarten déi do an der Hall ze realiséieren sinn eraus. Schéckt einfach äer Top 3 un explorer@fnel.lu!

SOUCHE




Heimat mellen ech mäin Explorer /
Explorette fir den Explorer-
Sportsdag den 11.01.2015 gär un, deem vun der FNEL organiséiert gët. An
ginn Souche bis den 20.12.2014 oof!

Ënnerschrëft vum Responsablen:

Schlittschong-Sortie:

LX

**Hues du Loscht mat eis d'Schlittschongspist
onsëcher ze maachen?
Iwwert d'Äis ze rutschen ewéi um Nordpol?
Da mell dëch séier fir dës Sortie un!
Polarfiis vum Cents gin och mat eis.**



Wéini? Samschtes, den 17.01.2015.

Start? um 10:30 bei der Barrière um Parking vun der Kockelscheier.

Finish? um 14:00 bei der Barrière um Parking vun der Kockelscheier.

Wat brauch ech? Waarm Kleeder, Schaal/Mutz/Händschen, **Pic-Nic**
a Schlittschong (wanns de eegener hues)

Präis? **8 Euro**, sinn deen Daag mat ze bréngen.
fir Entrée, Locatioun, an evtl.Snack bei der Patinoire :)

Déng Wëllefcherscheffen :)
Kaa, Bagheera, Tchill, Putmini, Fennec



**Heimat erlaaben ech mëngem
Kand dem den 17.Januar 2015
mat Schlittschong fueren ze goën.**

Ënnerschrëft

Souche Wanterhike

Souche Scouten



De Süden, eng praktesch onbekannte Landmass bei eis am schéine Ländchen. Geet et dir och esou? Dann erfuersch zesummen mam Minettesdapp dës Regioun vum Land!

fnel
scouts & guides

WEINI? 17.-18. Januar 2015

Wou? Am Minett

Mell dech bei dengen Cheffen un & gewann mat denger Patrull zesummen flott Praisser!!

Infos:

Départ: Samschdes 17. Januar 2015 géint 9 Auer
(déi genau Auerzäit a Platz kënnst no)

Retour : Sonndes 18. Januar 2015 zwëschent 16 an 17 Auer
(déi genau Auerzäit a Platz kënnst no)

Material - Alles an engem Rucksack (Hike) verstauen

Pro Scout: Pic-Nic vir Samschdes Mëttes, Tip-Top Uniform, deck Schong, Täscheluucht, Réimer, Schloofsaack, Bidon, warme Schloofsak, Carrymatt, Gamelle, Ersatz T-Shirt an Ennerwäsch, dem Wierder ugepasste Kleeder.

Pro Patrull: Kompass, Bic/Bleistëft, topographesch Kaart (R9) + Waasserdicht Housse, an eng 1. Hëllefrousse.

Umellen bei dengen Cheffen bis den **22. Dezember 2014** mat deser Souche.

Prais:

15 Euro sinn ze iwwerweisen op de Compte Les Lions Bleus a.s.b.l. - Troupe CCPL LU64 1111 2581 2205 0000 mat der Mentioun "SG14+NummvumScout" bis den **22.Dezember 2014**. Nom Délai kascht d'Aktivitéit **5 Euro méi**.

Presented by:
D'Equipe

Ech mellen main/meng

Scout/Guideun vir de Wanterlaaf den 17.-18. Januar 2015
an iwwerweisen d'Suen am Delai. (Allergies:)

Ennerschreft:

.....

FNEL RoverQuiz

organisèiert vun den EQ



Assemblée générale LBB fir jiddereen



Mir lueden all ons Memberen (Scouten/Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen&Pappen), Frënn, Bekannten souwéi les "Amis des Lions Bleus" härzlech an op ons

Assemblée Générale 2015

vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie
déi Freidesowes, den 30. Januar 2015
am Home vun den Lions Bleus,
op 61 rue de Pulvermühl,
oofgehaalen gët.

Ufank ass pénktlech um 19:30 Auer

Wéi all Joër frëen mir ons iwwert Är Präsenz an wärten ons och all Méi ginn, dës AG sou interessant ewéi méiglech ze gestalten.

Programm

- 1) Begréissung an Usproch vum Här Président
- 2) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
- 3) Rapport vum Här Caissier
- 4) Viirstellung vum Budget 2015 - 2016
- 5) Rapport vun deenen Dammen an Hären Caissen-Revisoren
- 6) Bestëmmung vun den Caissen-Revisoren fir d'Joër 2015 - 2016
- 7) Rapport vun den Aktivitéiten vum Scoutsjoër 2014
- 8) Erneierung vum Conseil d'Administration
- 9) Verschiddenes an Gemësches

No der Assemblée Générale huët den Conseil d'Administration den Plëséier lech op en Pättchen an eng kleng Stärkung anzulueden. Heibäi ergëtt sech och nach d'Méiglechkeet fir ze pooteren an Informatiounen auszetauschen.

*** All déi Aktif Memberen sinn gebieden an kompletter Wanteruniform ze kommen!**

BAACK-Aktioun den 07.02.2015...

Grouss BAACK-Aktioun'15 bei den bloën Léiwen



Ënnerstëtzt eis ALLEGUERTEN...

egal op aktiven Member, Amicale, Elteren,
Famill, Noper oder Frënn....

an **bestellt** bei eis **lecker
FuesKichelcher**, fir dat mir
genuch ze dinn kréien :)



kleng / grouss Tuut Kichelcher --> 3€ ou 5€
petit / grand sachet de biscuits --> 3€ ou 5€



FIRWAAT sou eng Baack-Aktioun?

Dës ass geduecht fir zousätzlecht d'Geld zesummen ze kréien, fir eisen Summer-camp 2015 an den Pyrenäen zesummen mat den Scouten, Explorer & Rover.

Sou kënnen mir den Präiss vum Camp e bëssi verringeren, an eis evtl. och nach e eppes flottes um Camp dovunner leeschten...Dofir ënnerstëtzt eis w.g.l. an bestellt lecker selwergebaacken Kichelcher fir den gudden Zweck :)

WÉINI kritt een séng Kichelcher (kaafen)?

Falls der Kichelcher bestallt haat (per Souche), dann kënn der se Samstes tëschend 14:00-18:00 beim Home oofhuelen & bezuelen. Selbstverständlech kënn der och Kichelcher den Daag selwer op der Plaz kaafen, mee als éischt kommen déi Léit mat den bestallten Kichelcher fir :

---> Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher <---

Ech (Je) _____ bestellen gären (veux commander)



_____ x kleng Tuut (petit sachet biscuits)

Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **3€**

_____ x grouss Tuut (grand sachet biscuits)


Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **5€**



Ënnerschrëft (signature) vum zukünftigen Kichelchersknabberer

Léiwen Wëllefchen,

weis de wahrscheinlech schonn héieren hues ass
meng läscht Missioun gegléckt. Virun 10 Joer, méi
genau dem 2. Mäerz 2004 um 7:17 Auer UTC hunn ech mat
mengen Leit vun der ESA d'**Rakéit** Rosetta fortgeschéckt.



Du hues wahrscheinlech och schonn héieren dat alles gegléckt
Ass, an dat meng Equipe lo schonn Donnée traitéiert? - Falsch! Wat d'Welt net weess: d'ass eng
Schief gelaf an d'Rakéit ass genau 9460730472580800 Meter vu sengem Ziel ewech.

Wäerten mir et nach zesummen fäerdegréngen, den **Koméit** (67P/Tschurjumow-Gerasimenko)
mat Zäiten ze geroden? Hëllef eis d'Missioun op en Enn ze bréngen an géi nees als Held bäi deng
Famill zeréck!

Komm also w.e.g. den 14.02.2015 an denger Ausrüstung fir mat eis zëssammen d'Welt an
1.000.000.000 € u Steiargelder ze retten!
(Wann een déi Zomme an 10€ Schäiner géing op en Koup leen wier deen méi héich wei 10 km, also

Wéini: **14.-15.02.2015**

Rendez-Vous: Samstes, den 14.02.15 um 14:00 op der Gare de Luxembourg
Retour: Sonndes, den 15.02.15 um 16:00 op der Gare de Luxembourg

Präiss: **20 €**, bis den 07.02.2015 op de Compte
Les Lions Bleus Asbl - Meute
(CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000) ze iwwerweisen mat
der Mentioun: Fuesweekend2015 + Numm vum Kand

Souche: ass ebenfalls oofzeginn bis spéitstens den 07.02.2015 !!!

Astronautengepäck: Tiptop Uniform, Schloofsaack/Carrymatt, Pijama,
Wäschsaachen, Gamelle/Besteck/Becher/Kichenduch,
Biergschong, dem Wieder ugepasste Kleeder, Ersatz-
kleeder, Täscheluucht, dem Wëllefchen séng 5 Saachen,
Mobilitéitpass/Jumbo oder 2 Dagesbilljéen...
Tchill, Kaa, Bagheera, Putmini, Fennec




Heimat erlaaben ech méngem Kand

..... den 14.-15.02.2015 um

Wëllefchersfuesweekend deelzehuelen.

Ennerschreft:



Souche Techuana 2015

Techuana'15



„Der Berg ruft“

Jo ët ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.

Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrëscher, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dech verwinne ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wandere ze goën oder en Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hëi genee daat Richteg fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Platzen sinn limitéiert!!!!

Wien kann mat goën: jiddereen den bis den 01.09.2014 --> 14 Joer kruit huet !

Rendez-vous: Freidesowes, den **13. Februar 2015** um **18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

Zerëck: Sonndesmoies, den **22. Februar 2015** um **11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

Präiss: Mir maachen daat erëm wéi déi letzt Joër'en, mir splécken den Präiss op!
Daat heescht 350 Euros fir Transport, lessen, Sauna an Schwammen...
Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros fir den Skipass bezuelen an fir déijeene déi nach Material mussen lounen, mussen nach 125 Euros dropleen.

Am Kloertext elo:

Basic-Pack (Programm, Transport, lessen, Schwammen) --> bezuelen **350** Euros.

Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **525** Euros.

Basic-Pack, Skipass & Location Skimaterial --> bezuelen **650** Euros

bis spéidstens den 31.01.2015 mat der Mention "Techuana 2014".

D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- E: orer“

Täschegeld: dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)


Material: (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, eng Mutz, en Schaal, Turnsclappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

Elterenversammlung: Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**

Dës ass Mëttwochs den 10. Dezember 2014 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wéi den Camp wäert oflaafen an du kritt och d'perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngen Pabëieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklésch.

D'Souche muss du schnellstens oofginn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE




Ech erlaaben mëngem Scout, Explorer, Rover

mat um TECHUANA-Wantercamp 2015 deelzehuelen.

D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei dëngem

Chef oofzegin, **well d'Platzen sinn op 20 Léit limitéiert !!!!!**

Ënnerschrëft



SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Souche Intertroupe

Fir Scouten

Gegréift sidd dir vu dene verschiddene Stämm. Ech sinn de Miraculix, a krut d'Rezept fir mäi Zaubertrank, deen engem d'Kraft vu zing staarke Mäenner gëtt, vum Julius Caesar senge Mäenner, also de Réimer, geklaut.



Leider sinn ech nët méi dee jéngsten, a muss Ierch dofir elo em Hëllef froën! Vu dass dir jo aus verschiddene Stämm kommt, bieten ech Ierch zësumme ze schaffen, well nëmme zësumme, kënnen mer d'Reimer bekämpfen, soudass ech mäi Rezept ërem kréie kann. Kloër ass, dass mir elo net oniwerluecht eis op de Wee bei d'Reimer maache kënnen, dofir schloen ech vir, ech zielen Iech alles wann et souwäit ass. Ech hoffen dir kënnt mir hëllefen, ech zielen op Ierch!

Wat?



Intertroupe mat de Dippecher Dachsen an de Mamer Wiselen.

Rendez-vous?

De 7. Mäerz 2015 um 9:00 Auer op der Gare zu Mamer mat Tip-Top Uniform.

Retour?

Den 8. Mäerz 2015 um 17.00 Auer beim Home vun de Mamer Wiselen.

Präis?


25€ sinn ze iwwerweisen op de Compte Les Lions Bleus a.s.b.l - Troupe (CCPL Lu64 1111 2581 2205 0000 mat der Mention „Intertroupe 2015 + de Numm a Virnumm vum Scout“ **bis spéitstens den 28. Februar 2015.**

Material?

Schlofsaack, Carrymatt, Täscheluucht, Gammelle + 2 Kichendicher, Wäschaachen, Pijama, Jumbokaart, Täschemesser, dem Wieder ugepasste Kleeder, frësch Kleeder an Ennerwäsch, Biergschong, Schlappen vir dobannen.

Souche?

Ass oofzegin bis den **28. Februar 2015** bei denge Cheffen.



Heimatt mellen ech main/meng Scout/Guide

..... un vir den Intertroupe,
den 7. bis den 8. März 2015 an iwwerweisen
d'Suen am Délai.

Ennerschreft:.....





PYRENÄEN SummerCamp 2015



31.07.2015 - 23.08.2015

Dèi èischt Préparatiounsversammlungen haaten mer schon,
dèi èischt Unmeldungen sinn och schon dobannen,
ganz vill Ideen schwiewen nach an eisen Käpp dèi ëmgesaat wëllen ginn,
d'Motivatioun ass grouss an der StaffEkip,
mee lo feels nach DU / DIR, fir dat mir wëssen fir wèivill Lèit mir plangen sollen.

DU bass nach **NËT** ugemellt?
Ma da gët et hëisch Zäit!



Départ & Retour?

Freides den 31.07.2015, RV +/- 18Auer am Home LBB
Sonndes den 23.08.2015, RV +/- 11Auer beim Home LBB

Wien duerf mat?

Ab der Scoutsbranche duerf jidereen mat. (just keng Frischlingen > nei Scouten)
an bei Ausnahmen entscheed natiirlech de Staff.

Präiss? ALL-INCLUSIVE -> 950 Euro

1.AC=150 Euro, non-remboursable op Les Lions Bleus Asbl -

Rover

(CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 000)

Ugemellt bass du erëischt wann dëng Souche & Paiement vum Acompte 1
ukomm sinn! -> Souche ass oofzeginn beim Atra / Tamia !

BaackSortie?

Dës ass obligaorësch fir JIDEREEN deen mat um mat
Summercamp wäert dobai sinn. All dèi aaner duerfen
natiirlech och kommen. Op der Sortie baacken & verkaafen mir FuesKichelcher
fir mam Boni den CampPräiss nach kënnen ze drëcken :)

Du brauchst nach weider Informatiounen oder hues nach Froën?

keen Problem :)

schreiw einfach e mail op cg@lionsbleus.lu oder mell dëch beim Atra / Tamia.
Kontakter vun eis fënns de an der Cheffenprésentatioun an dëser Wandrous.

Du wëlls dëch nach unmellen?

daat kanns du gären maan, mee maach et nach dës Joër :)
UnmeldungSouche fënns de an der letzter Wandrous oder online.

Programm Beaver

BV - Programm

Dezember

- 5. Kleeschen
- 13. Beaverversammlung
- 20.-21. Kröschtweekend
- 27. Vakanz

14:00-16:00
am Home LBE
(keng Versammlung)



Vill Gleck am neie Joër!!!

2015

Januar

- 3. Vakanz
- 10. Beaverversammlung
- 17. Beaverversammlung
- 24. Beaverversammlung
- 31. City-Trip Cheffen

(keng Versammlung)
14:00-16:00
14:00-16:00
14:00-16:00
(keng Versammlung)

Februar

- 7. Beaverversammlung
- 14. Vakanz
- 21. Vakanz
- 28. Beaverversammlung

14:00-16:00
(keng Versammlung)
(keng Versammlung)
14:00-16:00

März

- 7. Beaverversammlung
- 14. Beaverversammlung
- 21. Beaverversammlung
- 28. Beaverversammlung

14:00-16:00
14:00-16:00
14:00-16:00
14:00-16:00



Beaverklack

Elsa, Foxi, Jolly, Tictac, Grigri

Programm Wellef

LX - Programm

DEZEMBER

- | | | |
|---------|------------------------|-------------|
| 5. | Kleeschen am Home | 18:00-21:00 |
| 6. | keng Versammlung | |
| 13. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 20.-23. | Kreschtcamp intermeute | |
| 27. | Vakanz | |

Alles Guddes am neie Joer



JANUAR

- | | | |
|-----|------------------------|-------------|
| 3. | Vakanz | |
| 10. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | Schlittschongsortie | 10:00-14:00 |
| 24. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 31. | keng Versammlung | |

FEBRUAR

- | | | |
|---------|------------------------|-------------|
| 7. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 14.-15. | Fuesweekend zu ??? | |
| 21. | Vakanz | |
| 28. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |



Deng Cheffen

Bagheera, Putmini, Kaa, Tchill, Fennec

DEZEMBER

05.	KLEESCHEN	18:00-21:00
06.	keng Versammlung	
13.	Patrullenversammlung	14:00-16:00
20.-22.	Truppencamp	



JANUAR

10.	Truppenversammlung	14:00-16:00
17.-18.	SCOUTSHIKE	
24.	Patrullenversammlung	14:00-16:00
31.	keng Versammlung	

FEBRUAR

07.	BAACK-SORTIE	
13.-22	TECHUANA	
28.	Patrullenversammlung	14:00-16:00

MÄRZ

07.	Truppenversammlung	14:00-16:00
14.	Patrullenversammlung	14:00-16:00
21.	Truppenversammlung	14:00-16:00
28.	Truppen&Explorerversammlung	



Lenks patt

Atra & Tamia & Soa & Neckel & Sam & Ciaran

Programm Explorer

EX - Programm



Dezember

05.12	Kleeschen	18-21 Auer	am Home
13.12	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
20-22.12	Explorercamp		

Januar

11.01	Explorersportsdach		
17.01	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
24.01	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
31.01	keng Versammlung		

Febuar

07.02	BaackSortie		am Home
13-22.02	Techuana Wanter		
28.02	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home

März

07.03	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
14-15.03	Explorer Rover Raid		
21.03	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
28.03	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home



Fir d'Unitéit : Tameng/Grizzly/Laurent/2ric/1ric

Cheffen 2014-2015

Cheffen 2014-2015

D'Cheffen vun de Lions Bleus Joergang 2014-2015 stellen sech vir

Léif Elteren,

Dëst sin di Jugendlech (an manner Jugendlech) dénen Dir Är Kanner roueg kënnt uvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hunn déi Formation gemaach di vun der FNELverlaangt gëtt vir kënnen Chef an dénen verschidden Branchen ze sinn. En groussen Dêl vun den reschtlechen Responsabelen sin am gaang hier Formation ze maachen. Si genéissen daat voll Vertrauen vum Comité. Zéckt net fir di verschidden Léit ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzlech Informationen braucht. Et wier fäin wann dier lech virdrun géift umelden.



Cheffen

Chef de Groupe:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation
Schmitt Lex (Atra)	661 365 188	lex.schmitt90@gmail.com	19/09/1990	CT

Assistants Chefs de Groupe:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Lampach Christophe (Kodiak)	691 505 057	kodiak@vo.lu	17/11/1980	RUE
Majerus Patrick (Grizzly)	691 790 239	grizzly@lionsbleus.lu	17/08/1968	RUE
Fischer Manon (Tamia)	621 503 232	tamia@lionsbleus.lu	20/08/1981	CT

Konto

Les Lions Bleus a.s.b.l.
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Allgemeng E-mail:
cheffen@lionsbleus.lu

Cheffen 2014-2015

Cheffen 2014-2015



Vu lenks no riets: Mika, Maiti, Lena, Drago. Et feelt: Nora

Beaver

Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Beaver
CCPL: LU87 1111 2571 8942 0000

Allgemeng Email:

beaver@lionsbleus.lu

Chef de colonie:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Schmitt Lena (Elsa)	691 790 692	lena.schmitt93@hotmail.com	06/07/1993	CC

Assistants chefs de colonie:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Lang Maiti (Foxi)	621 699 401	maiti_lang@hotmail.com	03/06/1994	CC
Heinen Nora (Jolly)	691 790 692	heino_044@hotmail.com	23/04/1993	CC
Dragovic Drago (Grigri)	691 631 822	drago.97@outlook.com	07/11/1997	ACCNB
Lorang Mika (Tic-Tac)	621 684 622	mika.lorang@hotmail.com	22/15/1997	ACCNB

Meute

Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Meute
CCPL: LU64 1111 2581 2205 0000

Allgemeng Email:

Meute@lionsbleus.lu



Vu lenks no riets: Pitt, Catherine, Adrien, Fennec. Et feelt: Sophie, Claude, Breeze, Michel

Chef de Meute

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Patrick Jénin (Fennec)	621 262 026	fennec.lbb@gmail.com	21/02/1966	CM

Assistants chefs de colonie:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Breeze Van Eck (Putmini)	691 969 754	breeze-1994@hotmail.com	14/10/1994	CM
Sophie Reiners (Ikki)	691 365 911	sophie.r.93@hotmail.com	11/12/1993	CM
Claude Muller (Rashka)	691 554 000	claudes251193@hotmail.de	25/11/1993	CM
Atten Michel (Sherekhan)	621 572 777	michelatten@gmail.com	03/10/1993	ACMNB
Pitt Sietzen (Tchill)	ACMNB
Adrien Flamman (Bagheera)	621 231 190	dridri@pt.lu	05/01/1997	ACMNB
Catherine Heinen (Kaa)	621 691 993	heinensendelcath@gmail.com	07/03/1997	ACMNB

Cheffen 2014-2015

Cheffen 2014-2015



Vu lenks no riets: Tamia, Soa, Atra, Sam, Ciaran. Et feelt: Nicolas

Troupe

Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Troupe
CCPL: LU64 1111 2581 2205 0000

Allgemeng Email:

Troupe@lionsbleus.lu

Chef de Troupe:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Anne-Sophie Faber(Soa)	661 231 285	faber_annesophie@yahoo.fr	23/12/1985	RUE

Assistants Chefs de Troupe:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Manon Fischer (Tamia)	691 503 232	tamia@lionsbleus.lu	20/03/1981	CT
Lex Schmitt (Atra)	661 365 188	lex.schmitt90@gmail.com	19/09/1990	CT
Nicolas Atten	621 572 888	nicolas.atten@epfl.ch	24/10/1993	ACT
Ciaran Hagen	621 312 197	hagen.ciaran@gmail.com	16/10/1997	ACTNB
Sam Schmitt	621 371 462	schmit98@hotmail.com	08/02/1998	ACTNB

Explorer

Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Explorer
CCPL: Lu49 1111 2324 7361 0000

Allgemeng Email:

explorer@lionsbleus.lu



Vu lenks no riets: Laurent Cremer, Tameng, Eric M. Et feelt: Grizzly, Eric H.

Responsable Unité Explorer:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Fischer Joël	691 793 933	tameng@lionsbleus.lu	18/08/1993	RUE

Assistants Responsables Unité Explorer:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Laurent Cremer	661 935 160	cremer02@hotmail.com	02/11/1985	RUE
Eric Holzem	621 691 059	e1992h@hotmail.com	10/03/1992	RUE
Eric Macé	661 857 037	eric.mace@hotmail.com	08/09/1997	ARUENB
Patrick Majerus	691 790 239	grizzly@lionsbleus.lu	17/08/1968	RUE

Rapport Gruppeversammlung

Fir déi éischt Versammlung vum Joër huet ed ons dës kéier op den Cents an eise Quartier Général verschlooen. Nodeems mer all ons eenzel Gruppefotoen gemaach haaten as ed dann och schon mat der eigentlecher Aktivitéit lassgaangen. Heibai missten déi verschidden Gruppen an verschiddenen Disziplinen hiert ritterlescht Kënnen beweisen, andeems se zum Beispill den Aapel aus dem Waasser fëschen missten, en Speer schéissen, en Tuerm erop klammen oder e Feil mam Bou schéissen. Fir d'Meeschterung vun enger solcher Aufgab kruut een dann e puer Goldstecker, déi een herno fir sain eegenen Ritter-Diplom antauschen konnt an esou vum Kinnek zum Ritter geschloen goufen. Zu gudder lescht kruut all tapferen Ritter no enger 2 Stonnen spillen an Disziplinen dann nach en Steck Kuch an dunn huet sech dann em 17:00 Jiddereen rem op den Wee an sain eegent Schloss gemaach vir do seng ritterlech Tugenden auszeliewen. An wann se net gestuerwen sin, dann spillen se nach haut um Cents hir Ritterspiller!

Tic-Tac



Rapport Schwammsortie

Den 18. Oktober 2014 hun d'Wellefcher fun de Lions Bleus an d'Wellefcher fun de Fiis vum Cents sech um 14:00 firun der Schwemm zu Nideranven getraff. Fier d'éicht hu mier eis gudd amüseiert an der Schwemm an hun eis e bëssen ausgepowert. Et gouf och eng Rutsch déi permanent ausgelaascht war, ee Baussebaseng mat Wellen, wou d'Wellef méi Wellen ewéi d'Piscine gemaach hun a Spillsaachen fier am Waasser wourem se sech zerklappt hun.

Speiderhin hu mier dunn eist Wëssen iwwert d'Gefoore fum Waasser getest, an all zesummen de Schwammbadge gemaach. Do hun d'Kanner sech misse fraischwammen, e Kappsprong maachen an eng kuerz Zait tauchen. Kuerz firu 17:00 hu mier eis dann erem ugedoen an geföhnt well d'Elteren eis sichen kommen sinn an sin frou a midd heemgangen...

Kaa

Rapport Montée 2014

Eischten Daag (4. Oktober 2014)

Samschden Mëtten hunn mir ons mat gudden Wieder an bloen Himmel um 14:00 beim Home getraff. Nodeems den Fendel ropgezun war sin mir, Scouten mat e puer Cheffen bei d'Feierplaat gaangen. Do hun mir iwwert dat lescht Joer geschwaat an diskutéiert waat gudd war an waat hätt kennen besser sin. De Sam huet eis dunn de Message vir den Traget gin, deen mir hun missen léisen vir den nächsten ze fannen. Natirlech haate mir deen séier geleisst. Dann sin mir op en Trajet gaangen. En war villeicht e besseren ze laang, villeicht haaten d'Cheffen et e bëssen béis mat eis gemengt. Nom Trajet hun mir nach d'Abeschten fir op der Montée verdeelt kritt an hun ons, no enger gudder Spaghettisfriess als éischt Branche op den Wee gemaach vir op d'Montée vun de Wëllefcher. Ech misst vun dem Start mat zwee zukünftegen Scouten bis bei déi richteg Montée goen. Vun do aus sin ech dann bei d'Feierplaa gaangen an hun do mat deenen aaneren Scouten gewart bis se all do waren, waat zimmlech laang gedauert huet... Dunn hun déi nei Scouten nach hiert Versprieche gemaach, et kruuten aaner Scouten Badger iwwerrecht an dann sin mir rem zeréck bei d'Home gaang nodeems mir e besseren ronderem soutzen. Do hun mir mat engem klengen Festiessen den Dag ofgeschloss an hun eis dunn an eisem Schloofsaack verkroch.



Charel Simonis

Zweeten Daag (5. Oktober 2014)

Mir sinn Moies all zesummen vun eise Cheffen ganz fréi erwächt gin an sin opgestanen. Nodeems mir eis Saachen gepaackt haaten an eis Rucksäck an d'Remorque geluecht hun an Frühsport mat den Wëllef gemaach hun, sinn mir eppes iessen gaangen. Et ass ewéi ëmmer en super Moiesiessen ginn «Kellogs Buffet à Volonté». Dono huet nach e Wëllefchen an d'Afaart gekatzt. Et huet esou gestonk wéinst der Mëllech dass ech mech séier verzunn hun. Wéi mer dunn fäerdeg waren hu mir eis zesummen gesat an iwwert d'Joer geschwat, waat mir wëllen maachen an sou. Duerno sinn nach d'Patrullen gemaach ginn, di séier entscheed waren. Eng Meedercher Patrull an eng Jongen Patrull. Duerno si mir rausgaang an hun mam Sam an Ciaran Ulötime Frisbee an aaner Spiller gespillt. Fir d'Mëttegiessen ass gegrillt ginn an duerno hu mir nach matt den Wëllefcher Spiller gemaach. Eis Cheffen haaten och en Dessert virbereed. Et goufen Marshmallows déi mir um Spiess grillen konnten. Dunn koumen och schon d'Elteren an mir sinn heemgaangen...



Ketty Majerus

Rapport Viizweekend

Samschden, den 18. Oktober 2014

Moies um 8.30 Auer war et dann esou wait. Mir hun eis erem vir den alljährligen Viizweekend am Home getraff. Eis Missioun: den Rekord vum leschte Joër mat 450 Liter Viiz toppen. Well mir io schon d'Woch virdrun Äppel raafen waren, sin mir nemmen bei de Chouch op Fluessweiler gefuer an hun do Äppel geraaf. No e puer Kiewecher voll sin mir dun op Sandweiler bei en zwwete Baam gefuer. Dëse war natirlech mat eise motivéierte Raafer och séier eidel. Dono war et och schon Zait vir d'Mettespaus. No engem gudden Breidchen hun mir dann och den éischte Kelter gepresst. An en Zweeten an en Drëtten. Eise Chefkach tamia haat dann och nodeems mir nees alles gebotzt haaten en Duo de Pates préparéiert als Owesiesen. Et waren Penne Jambon an Penne Al-Arrabiata. No de Chargen hu mir dun nach e relaxen Owend gemaach mat Fotoen kucken vum Sail an der Corse`10, ier mir dun an eise gut verdengt Schloofsaack gestach hun.

Sonnden, den 19. Oktober 2014

Frei moies goufe mir vum Wecker aus dem Bett gehait. Nom lessen hu mir dun direkt lassgeluet mat pressen afëllen a Co. Och Taarten, Äppeltäschen an Beignets si préparéiert gin vir mettes an der Aeppelstuff. Mat engem Roulement huet Jiddereen eng kéier genesslech alles gesin wei et gemaach gëtt. Mëttes stoungen och schons d'Gäschte vir d'Kaffisstuff do an mir hun ugefaang ze verkaafen. De Succes war dëst Joër esougrouss, dass baal naicht méi iwwreg bliwwen ass. Natirlech huet d'Wieder och matgespillt. De Rekord vum Viiz ass leider net getoppt gin mee mir haaten alleguerten e flotte Weekend.

Atra



Rapport Mëllerdallsortie



Samstes moies, den 22. November 2014 um 9.30 Auer huet d'Troupe sech Rendez-Vous op der Gare an der Staat gin, vir vun do aus de Bus op Beaufort ze huelen. De Bus war och schon do an esou si mir bis an d'Duerf vun de Schlässer gefuer... Do ukomm hu mir leider misse feststellen dass d'Schlass leider zouwar... daat huet eis awer naicht ausgemaach an mir sin dunn duerch daat schént Mëllerdall spazéieren gaangen No engem flotten an och schéine Wee ware mir nees zu Beaufort an hun dun bei der Schoul eist Metteslager opgeschloen. Mir waren all frou eppes téscht d'Zänn ze kréien :) Duerno hu mir eis dann och schon op de Wee gemaach bei den zweeten Deel vun eiser Sortie: D'Schlittschongspist! Mir hun eis drop gefreet wéi Kichelcher an goufen och net enttäuscht. Eng gut zwou Stonnen hu mir eis Tier iwwer daat kaalt Ais gedréint ier et och schon erem Zait war, aus deenen onbequemen Schlittschong erauszeklammern an eis erem op de Wee an d'Staat ze maachen.

Dës Kéier haate mir allerdengs eng direkt Verbindung bis an d'Staat an konnten esou e bëssen raschten :) An der Staat dunn waren d'Elteren och schon do an mir sin no enger flotter Sortie erem heemgaangen...

Atra

N.B.: Méi Fotoen vun dëser Sortie fënns du och nach op eiser Homepage:

www.lionsbleus.lu

De LIBB an de Leo Léiw



Hallo, dir blo Léiwen! Scho laang ass et hir dass ech hei bei der Wandrous ugefaangen hun mat schaffen. Dowéinst wëll ech ierch hei matdeelen dass ech an d'Pensioun gin. Allerdengs loosse ech ierch net alleng hei stoen. Hei presentieren ech ierch main Nofolger: de **LEO LEIW!**

Hallo dir Léiwen! Ech sin erfreet ierch kennen ze léieren. Ech sin de Leo Léiw, e bloen Léiw, genausou wéi dir och! Natirlech kommen ech net alleng mee brengen emmer flott Saachen, Spiller an Spaass mat!



Fritzchen geht zur Krippe, nimmt das Jesuskind aus dem Stroh und sagt zu ihm: "So und wenn ich dies Weihnachten kein iPhone kriege, dann siehst Du Deine Eltern nie wieder!"



Zutaten: (4 Stück)

1 kg Mehl
2 Päckchen Trockenhefe
1 TL Salz
2 LE Zucker
1 Päckchen Vanillzucker
120 g Butter
550 ml Milch
2 Eier (Größe M)
12 Rosinen
20 g geschälte Mandeln
1 LE Mandelstifte
Backpapier
Schale von 1 Zitrone

Mehl, Hefe, Salz, Zucker, Vanillin-Zucker und Zitronenschale in einer Schüssel mischen. In die Mitte eine Mulde drücken. **Fett** schmelzen, mit **Milch** und einem Ei in die Mulde geben. Alles zu einem glatten Teig verarbeiten. Zugedeckt 30-40 Minuten stehen lassen. Teig auf **bemehlter** Arbeitsplatte kräftig durchkneten und in vier Stücke teilen. Von jedem Stück ein Drittel Teig abnehmen und daraus jeweils 1 Kopf und die Arme formen. Aus dem Rest dicke Rollen formen. Diese bis zur Mitte einschneiden. "Beine" nach außen biegen. Übriges Ei trennen. "Nahtstellen" zum Ansetzen für Kopf und Arme mit **Eiweiß** bestreichen. Teile zusammensetzen. **Eigelb** verquirlen und die Figuren bestreichen. Mit **Rosinen** und **Mandeln** verzieren. Auf einem mit **Backpapier** ausgelegtem Backblech im vorgeheizten **Backofen** (200 °C) 20 Minuten backen.


BOXEMÄNNCHENBACKEN

Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



Alvandi



Les Lions Bleus
Scouts et Guides FNEL
61, rue de Pulvermühl
L-2356 Luxembourg

LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op
vun 15h45 - 16h15 den:

13/12/2014
17/01/2015
28/02/2015
28/03/2015



EMYS 'ënnert der Hauf'



WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel 
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass **ëmmer**
Donneschdes op, ausser
während den Schoulvakanzen!!!

ALLGEMENG Datumer:

17/12/2014 Prost'it
18/12/2014 Rover BA
21/12/2014 RO-Soirée
11/01/2015 EX Sportsdag
17-18/01/2015 SG WanterHike
23/01/2015 RO-Quiz zu lechternach

24-25/01/2015 Bosses&Bobos
31-01/02/2015 Cheffen CityTrip
07-08/02/2015 Tronc commun
12/02/2015 Réunion semestrielle
28-01/03/2015 SG Formationsweekend
14-15/03/2015 EX Raid

et schéngt

et schéngt

- 01)dat dëst Joër bei der Troupe ganz spezielldoftend Badger op der Montée ausgedeelt goufen.
- 02)wèi wann ët Lët gët dèi sèch virun der Montée vun Hornissen picken loossen, well së Schiss hun.
- 03)dat een ënner Zoos & Zoos vill verstoën kann, an sou daat falscht eben an der Truh landen kann.
- 04)wèi wann Cheffenekip dèi letzt Wandrous ganz brav zesumme gesaat haat an së dono op d'Post sollt.
- 05)dat den dësjährigen Viizweekend 2014 mat integréierter ViizStuff Sonndes e vollen Succès wor.
- 06)wèi wann d'Mäinzelmännercher zu Bounewg am Dall bei den bloën Lèiwen passéiert wieren.
- 07)dat d'Jongen (Patrull: Ameisenbieren) sèch an der Troupe dëst Scoutsjoër waarm mussen undoën.
- 08)dat eis BV- & LX-Cheffen am Kader vun den Ritualer & Traditionen sèch BranchenNimm ginn hun.
- 09)wéi wann eisen 100 Joër - Programm mat engem groussen Knall op een Enn gaang wier.
- 10)wèi wann eis Nèss allerdéngs nach ëmmer nët den Wee bei eis an d'Home fonnt hätten.
- 11)wèi wann een vun eisen Scoutscheffen en fusch neit Messer hätt, an eis ët présentéiert hätt.
- 12)wèi wann eis Feierplazt beim Home nom 1.Hellfskuer e bësselchen bleech ginn wier.
- 13)wèi wann d'Äppel raafen dës Joër e vollen Erfolg war, an mir ës nët genuch kruuten.
- 14)wèi wann mer dëst Joër en decken Zouwuëss un Cheffen (aus der EX Explorerkip) hätten.
- 15)wèi wann mer dëst Joër nach emol eng letzten këier sou richtig Zesummen geféiert ginn ass.
- 16)wèi wann d'Lions Bleus nees een neien Member bei kruuten an der Explorerbranche.
- 17)wèi wann dèi nei Explorer sèch een neien Numm fir hier Unitéit gesicht hun.
- 18)wèi wann no eiser TV elo mèi Scouten hier Kniet beherrschen gëfen.
- 19)wèi wann dëst Joër erëm vill bloo Faarw op den Formationen vertrauten wärt sinn.
- 20)wèi wann d'Post puer Problemer hätt mat dem Transfert vun Päck an d'Ausland.
- 21)dat d'Beavercheffen zesummen mat de Kanner eng Tradition/Ritual nees zeréck entdeckt hätten.

et schéngt nët nëmmen

et schéngt nët nëmmen

- 01)wèi wann sie virdun op enger Rees an der Poubelle bei oofgelaafem Kaffipolver&Gewierzer woren.
- 02)dat dëst nix genotzt hätt, ët nët esou schlëmm wor an së awer un der Montée deelhuele konnten.
- 03)dat den TicTac sou d'Grillzooss an d'Truh gesaat haat, opwuel den Tameng d'Bolo gemengt haat.
- 04)dat den Paradaisvillchen së an d'frësch Loft op d'Traap gesaat hat fir së an der Nuecht sichenzefueren.
- 05)wèi wann mir gudd verkaaf haaten an och lo schon keen frëschen & agekachten Viiz mèi do wier.
- 06)wèi wann elo eis Insigne démontéiert wier an eisen raschtegen CentenairesLéiw un der Fassade hängt.
- 07)wèi wann mir vill Meedercher erop kruuten aus der Meute an soumat eben och massive Girlpower.
- 08)dat ënnert aanerem eng Kou, e Kaweechelchen an och eng Schlaang bei eis hirt Onwiesen dreien.
- 09)dat mir an de CarreRotondes mat Biergschong an Tamtam esou richtig d'Sau eraus gelooss hun.
- 10)wèi wann dèi nach eng weider Ronn zu Zëtteg um Spaicher um Trampolin gemiddlech rëmleien.
- 11)dat daat säin neistend Stéck ass, an hien esou richtig Stolz drop ass.
- 12)dat dèi nei Explorer nom Kuer esou richtig Spaass haaten, fir dèi aal Feierläscher eidel ze maan.
- 13)dat och d'Nèss ganz begehrt waren, an mer zu gudder Letzt eben nach eng 60kg dëser geraaf haaten.
- 14)wèi wann Sie sèch schon gudd angelieft hätten an hier Saach tiptop meeschteren gëngen.
- 15)dat mir dëst op eiser 100 Joër ClosingParty am Exit'07 gemaach hun.
- 16)wèi wann dèi Persoun virdun bei den Lgs hiert Onwiesen gedriwwen haat.
- 17)dat sie elo ënnert dem Unitéitsnumm PHOENIX unzefannen wieren.
- 18)wèi wann d'Troupe eng Knetversammlung gehaat hätt, an d'Kanner motivéiert heem gaang sinn.
- 19)wèi wann d'Chancen op goldeg Faarw an eisem Home dowéinst ganz gudd stinn.
- 20)wèi wann mäin bestallten Äppelskuch Enn Oktober nach ëmmer nët ukomm wier zu Wien.
- 21)wèi wann daat grousst Schwanzklappen virun der Aktivitéit nees angeféiert ginn wier.

3 Méintprogramm

3 Méintprogramm

dezember'14	
Me	1
Dë	2
Më	3 Permanence
Do	4
Fr	5 Kleeschen
Sa	6 keng Versammlung RO-Weekend RO-Weekend
So	7
Me	8
Dë	9
Më	10 Cogra Elterenversammlung Techuana Comité
Do	11
Fr	12
Sa	13 Beaver/Meute/Patrull/Unitéit
So	14
Me	15
Dë	16
Më	17 Permanence FNEL Prost-it
Do	18 FNEL Rover B.A.
Fr	19
Sa	20 KRËSCHTCAMP Beaver/Meute/Troupe/Explorer
So	21 KRËSCHTCAMP Beaver/Meute/Troupe/Explorer
Me	22 KRËSCHTCAMP Meute/Troupe/Explorer
Dë	23 KRËSCHTCAMP Meute
Më	24
Do	25
Fr	26
Sa	27
So	28
Me	29
Dë	30
Më	31

januar'15	
Do	1
Fr	2
Sa	3
So	4
Me	5
Dë	6
Më	7 Permanence
Do	8
Fr	9
Sa	10 Beaver/Meute/Troupe
So	11 FNEL ExplorerSportsdag
Me	12
Dë	13
Më	14 Permanence
Do	15 Comité
Fr	16
Sa	17 Beaver / LX-Sortie / EX-Sortie FNEL SG Hike FNEL SG Hike
So	18
Me	19
Dë	20
Më	21 Permanence
Do	22
Fr	23 FNEL RoverQuiz (EQ)
Sa	24 Beaver/Meute/Patrull/Unitéit
So	25
Me	26
Dë	27
Më	28 Permanence
Do	29
Fr	30 ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LBB
Sa	31 keng Versammlung FNEL CH CityTrip Freiburg

februar'15	
So	1 FNEL CH CityTrip Freiburg
Me	2
Dë	3
Më	4 Permanence
Do	5
Fr	6
Sa	7 Beaver / Meute BaackSortie&Verkaaf SG/EX/RO
So	8
Me	9
Dë	10
Më	11 Permanence
Do	12 FNEL Réunion semestrielle
Fr	13 TECHUANA
Sa	14 TECHUANA
So	15 TECHUANA
Me	16 TECHUANA
Dë	17 TECHUANA
Më	18 TECHUANA
Do	19 TECHUANA
Fr	20 TECHUANA
Sa	21 TECHUANA
So	22 TECHUANA
Me	23
Dë	24
Më	25 Permanence
Do	26 Comité
Fr	27
Sa	28 Beaver/Meute/Patrull/Unitéit
So	29
Me	30
Dë	31

Allerläscht Wandrous - Sait

www.lionsbleus.lu



fne! 
scouts & guides



Quah, waat as dat eng
Wandrous



* THAT'S ALL FOLKS